déi Lénk

Firwat déi Lénk géint de Ceta gestëmmt huet :

Am CETA geet et just um Rand ëm den Ofbau vun Zolltariffer, där ginn et souwisou bal keng méi. Liberaliséiert gi v.a. d'Servicer, d'Kapitalstréim an d'Marchés publics. **Domadder kréien d'Regierungen d'Méiglechkeeten ewech geholl, hir Wirtschaft ze reguléieren.** D'Servicer gi mat enger Negativlëscht liberaliséiert, dat heescht et gëtt alles liberaliséiert wat net explizitt ausgeklammert ass. Domadder sinn och ëffentlech Servicer potentiell a Gefor.

CETA schaaft ganz wäitgoend Privileegien fir d'Investisseuren a schaaft speziell fir si e Schiidsgeriicht, fir datt se kënnen d'Staate verkloen wann se sech ongerecht behandelt fillen. Dat ass e katastrophalen Dispositif fir d'Demokratie, net zulescht well d'Regierungen sech wäerten auto-zenséieren fir nëmme net enger Multinationale op d'Féiss ze trëppelen.

Déi sozial an ökologesch Standarden stinn automatesch zur Dispositioun mat dësem Accord, contrairement zu deem wat ëmmer behaapt gëtt. **Déi Passagen zum Schutz vun de Standarden si nämlech gréisstendeels juristesch net verbindlech a stinn an der Hierarchie wäit ënner dem sakrosante Prinzip vun der liberté de commerce.** Domadder zéien déi sozial an ökologesch Consideratiounen ëmmer de Kierzere géigeniwwer vun de kommerzieller Logik.

Mat der regulatorescher Zesummenaarbecht kréien d'Multinationalen d'Méiglechkeet, schonn am Virfeld d'Standarden ze beaflossen, är datt gewielte Vertrieder am Europaparlament oder an de nationale Parlamenter eppes dovunner mat kréien. An do geet et net nëmmen ëm d'Gréisst vum Autosspigel, mä ëm all méiglech Normen: Sécherheetsnormen, Konsumenteschutz, Ëmweltstandarden, sozial- an Aarbechtsstandarden oder d'Finanzréglementatioun.

Donieft schaaft CETA nach weider **9 Komiteeën a Sous-Komiteeën, déi praktesch guer kenger demokratescher Kontroll ënnerleien.** Dës Komiteeën hunn d'Recht den Accord ze interpretéieren an ze modifizéieren, ouni datt d'Europaparlament oder déi national Parlamenter kënnen agräifen. Dat ass demokratiepolitesch méi wéi bedenklech.

A Saache Klimaschutz ass de CETA eng Katastroph. De Paräisser Accord steet just pro forma dran. Och wa Kanada de Paräisser Accord géif opkënnegen, sou wéi Kanada 2011 de Kyoto Protokoll gekënnegt huet, hätt dat guer keng Konsequenz fir den Accord. Déi kanadesch Produktioun vu Pëtrol aus "Teersand", deen extrem knaschteg ass, wäert staark gepusht ginn, well elo schonn déi europäesch Multinationale wéi BP, Shell oder Total dohannert stinn.

Den Accord wäert lokal produzéiert Produkter duerch Produkter vun der anerer Säit vum Atlantik ersetzen, sou datt de Gidderverkéier onnéideg zouhuele wäert. Virun allem awer wäerte sech zukünfteg Moossnamen am Klimaschutz ganz schnell um Investisseureschutz stoussen. Eventuell Restriktiounen déi een an Zukunft wéilt géigeniwwer vun der Pëtrolsindustrie huelen, wäerte direkt virum Schiidsgeriicht landen.

CETA gouf hannert zouenen Diere negociéiert an déi national Deputéierten haten zu kengem Moment Zougank zu de Verhandlungsdokumenter. Par contre stoungen d'Lobbying-Gruppe vun de Multinationalen wärend de ganze Verhandlungen a Kontakt mat der EU-Kommissioun. Honnerten esou Lobby-Meetingen sinn dokumentéiert.

Et ass och dofir kee Wonner, datt de Contenu vun all deene Fräihandelsverträg op d'Multinationale moossgeschneidert ass. Investitiounsschutz, Subventiounenspolitik, Konkurrenzpolitik, Kapitalflëss, Propritété intelectuelle, Reglementatiounen : Dat alles si Kapitel déi v.a. zum Ziel hunn, datt d'Multinationalen hir Produktiounsketten ouni Virschrëfte kënnen organiséieren, d.h. ouni datt d'Regierungen an hir Profitmarge kënnen interferéieren.

Si beuten an e puer Länner Rohstoffer aus, schécken se an aner Länner fir ze veraarbechten an erëm an aner Länner fir ze weiderzeveraarbechten. Et geet drëms d'Aarbechter an déi sozial, ökologesch a fiskalesch Faillen a Schwächte vun deenen eenzelen Länner auszenotzen fir hir Profitmarge ze erhéijen. De Produit geet dobäi dräimol ëm de Globus, ouni och nëmmen eng Kéier de Besëtzer gewiesselt ze hunn. Schonn elo fënnt wäit iwwert d'Hallschent vum weltwäiten Handel innerhalb vun de Multinationale statt a net tëschent verschiddenen Entreprisen.

déi Lénk hunn näischt géint Kanada. déi Lénk hunn näischt géint den internationalen Handel tëschent de Bevëlkerungen. Mä déi Lénk hunn eppes dergéint, datt d'Interêten vum Grousskapital iwwert d'Interêten vun de Leit gestallt ginn an datt eis Demokratien sech selwer entmuechten.

An der Essenz sinn déi 1500 Säite vum CETA eng Oplëschtung vu Saachen, déi d'Regierunge net méi däerfe maachen, fir "keng obstacles au commerce" ze schafen. Oder mat anere Wierder: **Ons Demokratien verflichte sech bis an all Eiwechkeet näischt méi ze maachen, wat dem Profitstriewe vun de Multinationale kéint entgéint wierken.** Dat ass déi fundamental Ausriichtung vun dëser Zort vu Politik.

De CETA-Accord, genee wéi déi aner Handels-Verträg vun der neier Generatioun, ass héisch ideologesch. E gravéiert de fundamentalisteschen Ultra-Liberalismus an dat récksiichtslos Profitstriewen als ierwecht Doktrinn an de Steen, sou datt et duerno praktesch onméiglech ass, dat nach eng Kéier réckgängeg ze maachen.

Dat ass deen ekonomeschen Modell, dee mat dëser Zort vu Fräihandelsaccorde promouvéiert gëtt: d'Welt als Spillwiss fir d'Multinationalen an d'Regierungen als ohnmächteg Zuschauer deenen d'Hänn gebonne sinn. Dës Zort vun Accorde'n leet de Grondsteen fir eng Welt vu muer, wou eng Handvoll allmächteg Konglomerater d'Weltwirtschaft beherrschen an sech vu kengem méi eppes brauche soen ze loossen. Dat ass net déi Welt, déi mir wëllen.